N° 256
Reçue le 16.11.2021

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 16.11.2021 wéilt ech dem Minister fir Ëffentlechen Déngscht eng mëndlech Fro stellen.

Wéinst enger Pann wärend den Aarbechten um interne Reseau, war de Freiden, 12ten November 2021, de Staatsreseaux grad wéi seng Online-Servicer wärend enger gewëssener Zäit net accessibel. Um Freide sinn am INAP( Institut national d'administration publique) och Staatsexame geschriwwe ginn. Wéinst der Internet-Pann konnte sech verschidde Kandidaten ni an de System alogge fir den Examen ze schreiwen an anerer konnten hiren Examen net ofschléissen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Kann de Minister nach eemol erkläeren, wéi et zu dëser Pann koum?

Wéi wäert mat den ugefaangenen Examen ëmgaange ginn?
Falls de Minister plangt, fir dës Kandidaten nach eemol fir een Exame kommen ze loossen, wéini wäert dës Widderhuelung stattfannen?
Wäerten d'Kandidaten sech erëm ee gewëssen Dag an enger Woch eraussiche kënnen oder wäert just een eenzegen Dag ugebuede ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député